

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannesécherheet weiderzeleeden.

Am Süde vum Land, besonnesch zu Esch, encombréiere weiderhin Autoen, déi vun der Police konfiszéiert goufen, d'Parkplazemat hiren typesche gielen „Krallen“. Schon Enn Januar hat de Gemengesyndikat ProSud eng Resolutioun un den Här Minister geschéckt, an där hien zu enger schneller Léisung vum Problem opgefuerdert gouf. Den Här Minister hat dunn awer just eng provisoersch Léisung um Site Raemerich ugekënnegt, woubäi dës Fourrière awer fréistens 2023 a Betrib goekéint. Dës Léisung ass fir déi betreffen Urainer net akzeptabel. Doriwwer eraus huet den Här Minister kloer präziséiert, datt d'Fourrière fir d'Regiounen Osten an Zentrum um Findel ze kleng wier, fir zousätzlech Autoen aus anere Landesdeeler opzehuelen (Source: „Schnelle Lösung in weiter Ferne“; *tageblatt* vum 28. Juli 2021).

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Schon am Hierscht 2020 hat d'Gemeng Esch den „Crassier Terres Rouges“ als Site fir eng nei Fourrière proposéiert. Dës Proposition gouf vun der Police awer mat Skepsis opgeholl. Kann den Här Minister präziséieren, firwat dës Léisung fir hien net a Fro kënnst?
- 2) Ass dru geduecht, fir eng national Fourrière ze kreéieren, wou all konfiszéiert Autoen ofgestallt ginn, onofhängeg vun der Regioun, wou se konfiszéiert goufen?
- 3) Geet den Här Minister dervun aus, datt sech de „Fourrière“-Problem an deenen nächste Méint verschäerfe wäert?
- 4) Et ass warscheinlech, datt vill vun deene konfiszéierten Autoen een auslännescht Nummereschëld hunn. Ginn et Accorde mat anere Länner, wat d'Konfiszéierung an den Deplacement vun dësen Autoen ugeet? Ginn et Iwwerleeungen, fir Autoe mat franséischem, däitschem oder belschem Nummereschëld an deene betreffende Länner ofzestellen amplaz hei am Land?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to read 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup  
Deputéierten